D’un point de vue météorologique, l’été 2021 était sans doute moins chaud et surtout beaucoup plus humide par rapport aux années précédentes. Mais cela n’a pas vraiment eu d’impact sur les activités proposées par les différents acteurs du secteur de la jeunesse. Au contraire, avec des mesures sanitaires moins restrictives, les jeunes avaient de nouveau pleins d’opportunités pour se défouler et pour passer de bons moments entre amis. Les photos en sont la preuve !

Crédits photos: EVEA, FNEL, JH Mamer, Jugendstuff Munneref, JH Schëffleng, Escher Jugendhaus, Jugendtreff Norden, Nordstadjugend, Rotondes



## EVEA

**Eurovisionen / Kanutour**



## FNEL

**Nuit des brevets / Mowglica**



## Jugendhaus Mamer

**Kreativ Holzatelieren**



## Jugendstuff Munneref

**Graffiti / PIC-NIC / Bike Park**



## Jugendtreff Norden

**Ënnerwee mam TOTO-Bus**



## Jugendhaus Schëffleng

**Kloterpark / Escape Room**



## Nordstadjugend

**Stand up paddle / Gesellschaftsspiller XXL**



## Escher Jugendhaus

**Keramiksatelier / Ferme pédagogique**



## Rotondes

**Hip Hop Marathon 2021 / Labos Fest: La fête de la créativité**



©CNA/Romain Girtgen

# Eng nei pedagogesch Plattform fir d'Family of Man

*The Family of Man* ass 1955 fir d'éischt am MoMA zu New York ausgestallt ginn an ass dem Edward Steichen säin Haaptwierk als Curateur. D'Ausstellung besteet aus 503 Fotoen vun 273 Fotografen aus 68 Länner an ass an enger aussergewéinlecher Scenografie presentéiert. 2003 ass se op d'UNESCO-Lëscht «Mémoire du monde» opgeholl ginn a bleift bis haut déi meescht besichten Fotosausstellung vun der Welt.

Den Edward Steichen, deen 1879 zu Lëtzebuerg gebuer ass, ass eng zentral Figur vun der gesamter Konschtszene vum Ufank vum 20. Joerhonnert a méi spezifesch vun der Fotosgeschicht.

Haut gehéiert d'*Family of Man* zu de Steichen Collections vum Centre national de l'audiovisuel (CNA). Eng Aufgab vum CNA ass nieft der Restauratioun an der Erhalung vun audiovisuellem Patrimoine, och d'éducation à l'image.





©CNA/Everything is Fun/Cropmark



©CNA/Romain Girtgen

## TIPP

Klierf as net ganz no, besonnesch wann een aus dem Süden vum Land kënnt. Mee: Et kann een och e ganzen Dag hei am Norden verbréngen andeems een d'Visitt mat enger anerer Aktivitéit verbënnt. Et kann ee beispillsweis d'Outdoor-Fotoausstellungen a Klierf, der Cité de l'image, kucke goen oder ee vun de sëllege Spadséierweeër entdecken. Den Tourist Info vu Klierf hëlleft iech do gäre weider.

**Firwat sollte Kanner a Jonker dës Ausstellung gesinn hunn?**

Den Edward Steichen huet dës Ausstellung mam Gedanke geschaf, dass no de Graumsamkeete vum 2. Weltkrich de Fridden tëscht de Mënsche muss erhale ginn. Op de Fotoen an der Family of Man gesäit ee Mënschen aus allen Deeler vun der Welt, wéi se iessen, danzen, laachen, schaffen…

D'Ausstellung weist esou, wat mir Mënsche gemeinsam hunn an iwwert all Grenzen eraus deelen – all verschidden, an awer all d'selwecht.

D'Ausstellung bitt Enseignanten, Educateuren a Moniteuren also d'Méiglechkeet Valeuren wéi Respekt an Toleranz, Kanner a Jonken mat op de Wee ze ginn.

**www.thefamilyofman.education: eng nei Méiglechkeet fir seng Visitt ze plangen.**

Déi nei digital pedagogesch Plattform, déi am Juni 2021 online gaangen ass, riicht sech u Pedagogen déi mat Kanner a Jugendlechen d'Ausstellung zu Klierf am Schlass wëllen entdecke kommen.

Op der enger Säit fannt dir um Site ugepassten Texter iwwert den Edward Steichen, seng Ausstellung an d'Fotografie, déi et de Kanner a Jugendlechen erméiglechen sech scho virun der Visitt mam Thema auserneen ze setzen.

Op der aner Säit proposéiere mir eng Hellewull u pedagogeschen Aktivitéiten fir d'Visitt méi spannend ze gestalten an déi dir viru, wärend oder no der Visitt kënnt mat äre Jonke maachen. Fir un des Aktivitéiten ze kommen musst dir iech den Ament just aschreiwen. Dat geet séier, et kascht näischt an gëtt iech fräien Accès zu allen Aktivitéiten.

### E PUER PRAKTESCH INFORMATIOUNEN:

- **Ëffnungszäiten:** vu Mäerz bis Dezember a vu mëttwochs bis sonndes
- **Entrée:** bis 21 Joer fräi
- **Visites guidées:** w.e.g. 3 Wochen am Virfeld ufroen
- **Dauer:** mindestens 1,5 Stonn
- **Transport public:** D'Gare ass ronn 15 Minutten zu Fouss ewech

Dës a vill weider Informatiounen fannt dir op **www.thefamilyofman.education**.
Mir freeën eis op äre Besuch!
D'Equipe de médiation aus der *Family of Man*.

The Family of Man
Château de Clervaux L-9712 Clervaux
**Tel.** (+352) 92 96 57
**Mail.** fom.education@cna.etat.lu




# Gefühle versprühen

**Man nehme: drei übergroße Holzwürfel im zweieinhalb Meter-Format, eine Unmenge an verschiedenen Spraydosen sowie die fachkundige Unterstützung von zwei bekannten Streetart-Künstlern - fertig ist das Rezept für ein spannendes Projekt für Jugendliche zwischen 16 und 25 Jahren.**

Hinter dieser simpel klingenden Projektidee steckt jedoch deutlich mehr wie Pier Schmitz, Projektverantwortlicher bei youngcaritas, erzählt: *„Mit dem Projekt „ARTiculate" wollten wir den Jugendlichen die Möglichkeit geben ihre Gedanken und Gefühle auf eine künstlerische Art und Weise zum Ausdruck zu bringen."* Nach Monaten der Einschränkungen sollte den Jugendlichen wieder ein Raum geboten werden um zusammen mit Gleichaltrigen etwas Eigenes zu gestalten, wobei besonders viel Wert auf die Reflexion gelegt wurde. Was haben die letzten Monate mit mir gemacht? Welche Emotionen verbinde ich mit dieser Zeit? Wie geht es mir jetzt? Welche Erwartungen habe ich an die Zukunft? Auf diese und viele weitere Fragen versuchte jede/r der zehn Teilnehmer/-innen seine/ihre ganz persönliche Antwort zu finden. Die einen verwendeten viel Zeit darauf in sich hinein zu hören wobei andere recht schnell ihre Idee gefunden hatten und sich zügig an die Ausarbeitung der ersten Skizzen machten.

**Feedback von Besuchern:**

**„Mir gefällt die Vielfältigkeit der Bilder"**

**„Et ass flott ze gesinn wéi jonk Leit sech bedeelegen an ausdrécken"**

**„Der Druck in der Schule hat zugenommen und es wird nicht genug darüber geredet"**

**Nicht zögern!**

An diesem Punkt kamen dann die beiden Künstler Raphael Gindt und Daniel Mac Lloyd ins Spiel. Die Inhaber des „Kammelebuttek", einer auf Urban-Art spezialisierten Kunstgalerie mit dazugehöriger Kunstschule in Esch-Alzette, zeigten den Teilnehmern/-innen wie man mit den Sprühdosen umgeht und die Skizzen bestmöglich an die Wand bringt. So müssen die Dosen erstmal ordentlich geschüttelt werden damit die Farbbestandteile sich im Inneren bestmöglich verbinden. Je nachdem was und wie man sprühen möchte entscheidet man sich anschließend für die passende Kappe. Beim Sprühen an sich sollte man mit der Hand immer in Bewegung sein und nicht zögern da es sonst zu einem sogenannten „Drip", also dem unschönen Herablaufen der Farbe an der Wand, kommen kann. Darüber hinaus spielen sowohl






der Winkel als auch die Distanz der Sprühdose zur Wand eine wichtige Rolle beim Sprayen. Im Garten des „Kammelebuttek“ entstanden so in zwei Workshops à jeweils vier Stunden insgesamt zwölf (Drei Würfel mit jeweils vier Seiten) ganz unterschiedliche Motive.

**Raus damit!**

Es stand von Anfang an fest, dass es bei „ARTiculate“ nicht nur um das Erlernen einer neuen künstlerische Ausdrucksweise gehen sollte sondern auch um das Teilen der zur Schau gestellten Gedanken und Gefühle mit der breiten Öffentlichkeit. Um einen möglichst großen Personenkreis zu erreichen wurden die Kunstwerke daher auch bewusst nicht in einer Galerie, sondern im urbanen Raum ausgestellt. Für jeweils zwei Wochen standen die drei bunten Holzwürfel in recht zentraler Lage in Esch, Remich, Bartringen, Leudelange und Luxemburg-Stadt. Anhand von QR-Codes konnten die Passanten mit den Künstlern in Kontakt treten und ihre Kommentare, Fragen aber auch Ermutigungen abgeben. Ein Beweis dafür, dass Kunst im urbanen Raum wirkt waren einige sehr aufgeregte und kritische Reaktionen zur durchaus provokativ gemeinten Aussage *„School ruins mental health“*, welche auf einem der Würfel zu lesen war. Leider ergab sich daraus keine Diskussion darüber wieso ein junger Mensch so etwas schreibt und wie es ihm geht, sondern vielmehr ob das überhaupt Kunst ist und ob man das nicht entfernen sollte. Auf der anderen Seite gab es aber auch viele positive und konstruktive Rückmeldungen. Am Ende überwiegen sicherlich die guten Seiten oder um es mit den Worten von Raphael Gindt zu sagen: „Mat Konscht kann een näischt falsch maachen“.

Instagram Story „ARTiculate“

Teaser zum Projekt

**ZWEI FRAGEN AN…**
**…FABIENNE, TEILNEHMERIN**

**Was begeistert dich am Graffiti?**

Das faszinierendste am Graffiti ist die große Freiheit. Anders als bei anderen Kunstformen kann man mit einer Sprühdose verschiedene Optiken und Effekte erzeugen ohne die ganze Zeit zwischen verschiedenen Materialen hin und her wechseln zu müssen. Die Sprühweise hängt ganz von der Körperhaltung, vom Druck, der Schnelligkeit des Sprayers und der verfügbaren Fläche ab. Jeder kann sich wortwörtlich anhand seines Körpers ausdrücken und seiner Kreativität somit freien Lauf lassen. Jeder Sprayer hat somit seine eigene individuelle Art zu sprühen und macht jedes entstandene Kunstwerk einzigartig.

**Was wolltest du mit deinem Bild ausdrücken?**

Mit meinem Bild habe ich versucht das Buch des Lebens darzustellen. Das Leben hält verschiedene Kapitel für einen bereit und um diese besser zu verbildlichen, habe ich den verschiedenfarbigen Hintergrund gewählt. Jeder Schüler steht nach dem Abitur vor der Wahl was er späterhin tun möchte. Diese zu treffen fällt nicht immer jedem leicht. Die Entscheidung habe ich versucht anhand der Absolventenkappe für die Weiterbildung und dem Laptop für das Arbeitsleben darzustellen.

youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

# De Jugendbureau Éislek

De Jugendbureau Éislek ass am Joer 2017 am Kader vun engem LEADER-Projet entstanen an erméiglecht Jugendbedeelegung am non-formale Bildungsberäich.

Politeschen Interessi gëtt erwächt, an deem den Alldag vun deene Jonke mat politeschen Theme verknäppt an hinne gewise gëtt, wou Demokratie an hirem Alldag iwwerall schonn eng Roll spillt. De Jugendbureau Éislek schaaft eng Plaz, an dem jonk Mënschen mëttels Projeten a Workshoppe politesch a gesellschaftlech Themen entdecken an erliewen, néi Erfarunge sammelen an hiert kognitiivt wéi och emotionaalt Wëssen erweidere kënnen. Et ass immens wichteg, si dobäi ze ënnerstëtzen hiert Recht op Matbestëmmung a Matsprooch an alle Beräicher vum gesellschaftleche Liewen an Usproch kënnen ze huelen. Hiert Uleies soll dobäi wouergeholl an als wichtege Bestanddeel vun der Gesellschaft verstane ginn.

Jonk Mënsche kréien d'Méiglechkeet hir Iddien a Bedierfnesser strukturéiert a gezielt anzebréngen an si ginn encouragéiert hiert Fachwëssen an deene Beräicher ze äusseren, déi si intresséieren. De Jugendbureau Éislek ass sou och als eng Ulafstell ze verstoen, wou politesch Bildung a politescht Engagement gefuerdert ginn. Et geet dorëmmer un den Interessien, Bedierfnesser an de Liewenswelte vun de jonke Mënschen unzeknäppen a si un der Gestaltung vun dësen ze bedeelegen. Duerch politesch Bildung soll erliefbar gemaach ginn, wéi eng Méiglechkeeten et gi fir sech zu Wuert ze mellen an sech an dat gesellschaftlecht a politescht Geschéien anzemëschen. Aus dësem Grond ass et och immens wichteg, dass déi Jugendlech sech bewosst eng eege Meenung bilden an eng Bereetschaft zum Austausch entwéckele kënnen.

**Eegenschafte vun der Aarbecht**

D'Aarbecht vum Jugendbureau Éislek ass als «bottom-up» ze verstoen. Si geet vun den Iddie vun de Jugendlechen aus a bréngt si mat deenen noutwennegen Institutiounen zesummen. Dat heescht Projete ginn zesumme mat deene Jonken entwéckelt an si orientéieren sech un hirer Liewenswelt. Am Mëttelpunkt vun der Aarbecht steet soumat d'Perspektiv vun de Jonken, hir Interessien, hir Bedierfnesser, awer och hir Erfarungen a Kompetenzen.

Et gëtt séchergestallt, dass et zu engem Erfarungsaustausch tëschent de politeschen Entscheedungsträger an de jonke Mënsche kënnt. Béid Säite kënne sech sou iwwer hir jeeweileg Bedierfnisser austauschen, eng gemeinsam Sprooch

**ROLL VUM JUGENDBUREAU ÉISLEK OP EE BLÉCK**

- Plangen, ëmsetzen a begleede vu Projeten
- Sécherstelle vu Participatioun a lafende Projeten
- Sproochrouer fir jugendlech Bedierfnesser an Interessien
- Schafe vu Raim fir Demokratie ze erliewen
- Selbstwirksamkeet a - reflexioun vun de Jugendleche stäerken
- Ënnerstëtzung vun de Jugendlechen an hirer Roll als Matgestalter vun der Gesellschaft
- Sécherstelle vun enger transparenter, altersgerechter an onkomplizéierter Kommunikatioun
- Moderatioun a Berodung fir Froen ronderëm Jugendparticipatioun
- Vernetzung a Schaffe vu Synergie mat ville verschiddene Partner






### BEISPILLER VU PROJETEN

- Videoproduktiounen
- Radioproduktiounen
- Theaterprojeten
- Bedeelegung un der Gestaltung vun hirer Ëmgéigend (z.B. Skatepark zu Wooltz)
- Kanner- a Jugendkonferenz zu Wooltz
- Sproochrouer an der Kommunalpolitik erméiglechen (z.B. Jugendgemengerot Wëntger)
- Escape Room Format fir gesellschaftlech Themen op eng kreativ Aart a Weis ze beschwätzen
- Graffiti Projet zum Thema Krich a Fridden (Wat mëscht mech glécklech? Wat bedeit Fridde fir mech?)
- Demokratietheater (Demokratie spilleresch erliewen)

a Visioun entwéckelen. An all de Projete gëtt op kreativ an innovativ Methoden a Moderatiounstechniken zeréckgegraff, fir deene jonke Mënschen Demokratie erliefbar an erfuerbar ze maachen.

Niewent der Projetsaarbecht versteet de Jugendbureau Éislek sech och als Ulafstell fir Froe ronderëm Thema vun der Jugendparticipatioun an ënnerstëtzt d'Gemengen an aner Institutioune bei der Ëmsetzung vu Bedeelegungsprojeten. Den Erfarungsaustausch mat anere Jugendstrukturen, wéi ënner anerem de Jugendhaiser, de Lycéeën, den Internater awer och dem Kannerbureau Wooltz oder dem Zentrum fir politesch Bildung ass ee wichtegen Aspekt vum Jugendbureau Éislek senger Aarbecht.



**INFORMATIOUNEN**

Nadine Lepage - Coordinatrice Jugendbureau Éislek
8, Gruberbeerig | L-9538 Wiltz
**Mail.** Jugendbureau@cooperations.lu |
**T.** +352 95 92 05-28 - +352 621 781 057

JUGEND BUREAU EISLEK

# Le nouveau programme Erasmus+ 2021-2027


© European Union, 2021 (CC BY-NC-ND 4.0) - image source: Getty Images

## Plus de budget, plus écologique, plus inclusif

Le budget de 26 milliards d'euros du nouveau programme Erasmus+ pour les années de 2021 à 2027 dépasse largement celui de son prédécesseur, qui était doté de 16 milliards pour la période de 2014 à 2020.

Suivant le principe « évolution et non révolution » le nouveau Erasmus+ reste similaire à l'ancien programme en ce qui concerne sa structure et son but principal : Erasmus+ reste un programme qui vise à soutenir les secteurs de l'éducation, de la formation, de la jeunesse et du sport en proposant des financements pour des échanges et des coopérations internationales à l'étranger ou au Luxembourg.

Les priorités ont par contre été mises à jour, le nouveau programme est plus écologique et plus inclusif.



## Informations clés sur les formats de projet

Quelles sont les opportunités dans le nouveau programme Erasmus+ ?

### Les opportunités pour jeunes

**ÉCHANGES DE JEUNES**

Les échanges de jeunes sont des rencontres de groupes de jeunes venant d'au moins 2 pays différents sur une thématique spécifique, choisie par les jeunes eux-mêmes. L'objectif est de promouvoir le développement des compétences (langues étrangères, travail en groupe…) des jeunes via des activités non-formelles, de découvrir d'autres cultures et de renforcer des valeurs telles que la tolérance, l'amitié et la démocratie.

**Nombre d'organisations par projet :**
Au moins 2 organisations de 2 pays différents doivent coopérer ensemble.
**Où pourra avoir lieu l'échange de jeunes ?**
Au Luxembourg ou dans le(s) pays (des) partenaire(s)
**Âge des participants :**
De 13 à 30 ans/chefs de groupe minimum 18 ans
**Nombre de participants :**
Au moins 16 et au maximum 60 participants
**Durée de l'activité :** De 5 à 21 jours
**Date limite pour la soumission de la candidature :**
3 fois par an - www.anefore.lu

anefore | Erasmus+ Enrichit les vies, ouvre les esprits.

### ACTIVITÉS DE PARTICIPATION DE JEUNES

Le nouveau format de projet des « activités de participation » vise à promouvoir la participation active des jeunes à la vie démocratique. Il peut donc être intéressant pour des communes, des maisons de jeunes ou des groupes de jeunes souhaitant faire entendre l'opinion des jeunes dans le contexte local. Les jeunes peuvent organiser des rencontres virtuelles ou présentielles, des ateliers, évènements, des débats avec décideurs, des consultations de jeunes, des campagnes de sensibilisation au sujet de la participation des jeunes ou des simulations d'institutions démocratiques. Ils peuvent se dérouler au niveau national ou en coopération avec l'étranger.

**Nombre d'organisations par projet :**
**Activités nationales :** 1 organisation ou un groupe de 4 jeunes âgés entre 13-30 ans.
**Activités transnationales :** Au moins 2 organisations de 2 pays différents doivent coopérer ensemble.
**Où pourra avoir lieu l'échange de jeunes ?**
Au Luxembourg ou dans le(s) pays (des) partenaire(s)
**Âge des participants :** De 13 à 30 ans
**Nombre de participants :** Pas de limite
**Durée de l'activité:** 3-24 mois
**Date limite pour la soumission de la candidature :**
3 fois par an - www.anefore.lu

## Pour travailleurs de jeunesse

### MOBILITÉS DES TRAVAILLEURS DE JEUNESSE

Les mobilités des travailleurs de jeunesse sont des rencontres internationales de personnes qui encadrent des jeunes, que ce soit au niveau professionnel ou en tant que bénévole (p.ex. chefs scout). Le but des rencontres est d'échanger de bonnes pratiques avec les travailleurs de jeunesse d'autres pays afin de développer ses compétences professionnelles. Les organisations ou maisons de jeunes peuvent choisir eux-mêmes la thématique et leur(s) organisation(s) partenaire(s).

**Nombre d'organisations par projet :**
Au moins 2 organisations de 2 pays différents doivent coopérer ensemble.
**Où pourra avoir lieu l'échange de jeunes ?**
Au Luxembourg ou dans le(s) pays (des) partenaire(s)
**Âge des participants :** Pas de limite d'âge
**Nombre de participants :** Maximum 50 participants
**Durée de l'activité :** De 2 jours à 2 mois
**wDate limite pour la soumission de la candidature :**
3 fois par an - www.anefore.lu




© European Union, 2021 (CC BY-NC-ND 4.0) - image source: iStockphoto.com

### FORMATIONS INDIVIDUELLES SALTO

Il est également possible de profiter de l'offre de formation proposée par le réseau européen des agences nationales. Le site de SALTO-YOUTH (**https://www.salto-youth.net** ) contient un catalogue de conférences et de formations pour travailleurs de jeunesse à l'étranger et au Luxembourg. Les sujets de formation sont très variés, par exemple le renforcement des compétences des travailleurs de jeunesse en matière de sujets tel que la radicalisation des jeunes, la santé mentale des jeunes ou simplement « comment planifier un projet Erasmus+ ». Les formations sont en anglais, allemand ou français.

À côté des formations, le site contient également une liste d'activités types à différents sujets, de méthodes et de publications, ainsi qu'une base de données pour trouver une organisation partenaire ou des formateurs.

De plus ces formations peuvent être validées dans le cadre de la formation continue des éducateurs au Luxembourg suivant la procédure décrite sur **www.enfancejeunesse.lu** ! De nouvelles offres peuvent y être trouvées tout au long de l'année.

**Qui :**
Travailleurs de jeunesse professionnels ou bénévoles
**Où pourra avoir lieu la formation ?**
Au Luxembourg, en Europe ou même au-delà ou en ligne
**Âge des participants :** Pas de limite d'âge
**Nombre de participants :** 1
**Durée de l'activité :** Varie selon la formation
**Date limite pour la soumission de la candidature :**
Des formations sont publiées tout au long de l'année, la date limite varie selon la formation proposée

SALTO



# Mat vollem Asaz

Iwwer 100 Liter Reen pro Quadratmeter si plazeweis innerhalb vu 24 Stonnen, tëscht dem 14. a 15. Juli, zu Lëtzebuerg gefall. Iwwerschwemmungen an engem bis dato eemolegen Ausmooss waren d'Konsequenz. Och wann zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zu senge Nopeschregiounen, gottseidank keng Affer ze bekloen waren sou war de materielle Schued dach awer enorm.





Um Moien dono, wéi d'Peegelen nach um klamme waren, huet sech awer schonn eng grouss Well aus Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft forméiert. Vill Leit wollten deenen déi besonnesch haart getraff goufen ënnert d'Aërm gräifen, a sou och eng ganz Partie Jugendhaiser uechtert d'Land. Duerch een informelle Réseau, de sougenannten „Jugendhaiseraustausch", gouf sech schnell organiséiert a gekuckt, ween, wou eng Hand kinnt mat upaken. Och den Didier Kalmus, Éducateur am Jugendhaus Rëmeleng, hat schnell den Entschloss gefaasst fir mat „senge" Jonken ze hëllefen. No e puer Appeller war zügeg e Grapp voll Jonker zesummegestallt déi motivéiert waren eng Hand mat unzepaken.

**Sandsäck, Bulli a Bijouen**

Zu Monnerech goufen iwwer 300 Sandsäck gefëllt, zu Hesper kruten engersäits d'Kollege vum Jugendtreff, deen

> **„Op enger Plaz stoung d'Waasser méi héich wéi mäi Kapp!"**
> **Participant**



> **“Ech war beandrockt wéi eescht déi Jonk dat Ganzt geholl hunn a mat wéivill Asaz an Energie si dobäi waren.“**
> **Didier Kalmus**





och änner Waasser stoung, gehollef an awer och de Besëtzer vun engem Restaurant wou de Keller huet missen ausgeraumt ginn. Um drëtten Dag hunn déi Jonk dunn zu Iechternach, zesumme mat villen anere Fräiwëllegen, bei den Opraumaarbechten gehollef. D'Schied an der Abteistad waren impressionant an all zousätzlech Hand war dohier méi wéi wëllkomm. An dem ganzen Dreck a Bulli hu si eng Partie Bijouen, déi aus enger Bijouterie gespullt gi ware, fonnt an dem iwwergléckleche Besëtzer zeréckginn. Insgesamt hunn iwwer déi dräi Deeg verdeelt eng Dose Jugendlecher tëscht 13 an 18 Joer tatkräfteg bei den Opraumaarbechte gehollef. Während hirem Asatz hu si och vill aner Jugendhaiser getraff déi, grad wéi si, gehollef hunn.

### Iwwer d'Grenzen ewech

Ma net nëmmen zu Lëtzebuerg gouf gehollef. An der Belsch gouf d'Stad Verviers besonnesch schlëmm vun den Iwwerschwemmungen getraff sou datt d'Jugendhaus Réiden een Opruff gestart hat fir Kleeder, Spillsachen, Iessen a Schoulmaterial ze spenden. D'Resonanz dorop war immens grouss well innerhalb vu kuerzer Zäit eng wierklech grouss Quantitéit u Material zesummekomm ass. Déi Jonk aus dem Treff hunn dunn den éischten Tri gemaach fir datt zu Verviers alles méi schnell konnt verdeelt ginn. Insgesamt sinn dräi Camionnettë voll mat Spenden op d'Plaz gefouert ginn.

De „Jugendhaiseraustausch“ gouf vun enger Rëtsch Jugendhaiser an d'Liewe geruff mam Zil eng Platform fir e regelméissegen Austausch ze schaffen. An engem informelle Kader ginn aktuell Trends a Besoinen beschwat ma awer och Positiounen an Doleancen par rapport zur Politik an zu Entscheedungsträger ausgeschafft. Wann äert Jugendhaus interesséiert ass fir Deel vun dësem Netzwierk ze ginn dann meld ich beim Martijn de Munnik vum Jugendhaus Wooltz

**Mail.** jugendhauswooltz@pt.lu - **T.** 95 93 27

**Ech engagéiere mech fir**



... datt jiddereen déi selwecht Méiglechkeeten a Rechter huet.

- Iness -

**Maach och du mat a gëff Deel vum**

**„jugend parlament.lu"**